



► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Gitt nach séier Är Telefonsnummer duerch!

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Hahn. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här François Benoy ageschriwwen. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Här President, Dir Dammen an Hären, dat heiten ass en immens wichtegt Gesetz, fir dat Kostbaarst, wat mer hunn, ze schützen, nämlech onst Liewen, gläichzäitig dozou och, dass mer manner Accidenter hunn, manner Materialschied an och manner Risk fir ons Pompjeeën.

Den Dampmelder, dee warnt d'Leit eebe beim Feier respektiv wann da geféierlechen Dampf sech an der Wunneng bilt, fir dass d'Leit da matzäiten d'Wunneng kënne verloossen an Hëllef ruffen, wat grad wichteg ass an der Nuecht, wann d'Leit schlofen an net onbedéngt waakreg gi vum Dampf. An et gouf scho gesot: Mir hunn an de leschte Joren an der Moyenne zwee Leit pro Joer, déi gestuerwe si weinst Bränn a Wunnengen. Dat sinn der zwee ze vill a mir musse kucken an alles drusetzen, fir dee Chiffer erofzesetzen.

Ech mengen, ech brauch net méi weider d'Gesetz ze presentéieren, well de Rapporteur huet dat ganz gutt gemaach an ech soen him dofir Merci fir säi Rapport.

Ech wollt awer nach e puer Wuert verléieren iwwert d'Sensibilisatioun vum grand Public an och doriwwer eraus. Well ech mengen, dat ass eppes, wat mer och an Zukunft musse weider maachen, engersäits natierlech déi Fro vun der Obligatioun elo vum Dampmelder, déi besteet, anerersäits och: Wéi benotzen ech e souwuel am Alldag wéi och bei der Installatioun? Do muss een natierlech de grand Public sensibiliséieren.

Et ass och wichtig, dass een d'Handwierk, déi och, mengen ech, e kruziale Rôle hunn, wat d'Berodung hei ugeet (veuillez lire: wat d'Berodung ugeet, hei beréit), wéi se se ophänken an esou weider, oder wéi d'Leit se selwer kënnen ophänken, an anerersäits och natierlech d'Gemengen, déi en Uspriechpartner si fir vill Leit. An natierlech och déi Fro, dat war eng Fro, déi ech der Ministesch wëll stellen, wéi si dat gesäit, an de Gilles Roth huet se och schonn opgeworf: Awéifern recommandéiert Dir, dass dat an de Bautereglemter vun de Gemengen ugepasst gëtt?

Den Inneministère huet schonn eng grouss Sensibilisatioun gemaach, eebe grad, wou 150.000 Dampmelder gratis zur Verfügung gestallt ginn. An ech wollt froen: Awéifern hänken déi 150.000 Dampmelder elo? Sinn der vläicht souguer nach disponibel fir Leit, déi elo géife soen: „Hei, ech hätt nach gären een!“?

Da gouf och kierzlech e Brandschutzpreventiounsdag organiséiert. An ech mengen, dat ass eppes ganz Wichteges, fir iwwerhaapt emol d'Leit ze sensibiliséieren derfir, dass iwwerhaapt keng Bränn entstinn a wéi een och da richtig reagéiert.

Dat solle mer weider maachen, och zum Deel nach méi cibléiert. Elo hu mer e Gesetz hei, wat a Kraaft trëtt, mee d'Gefor vu Bränn, déi kënnen entstoën, ass nach wie vor do. Ech mengen och, dass een do en Accent muss dorop leeën, wéi een do genau cibléiere soll, well mir hunn natierlech verschidde Populatiounen, déi hei nach méi vulnerabel sinn: eeler Leit, Kanner. Mir hunn zu Lëtzebuerg vill Leit, déi verschidde Sproochen ugehéieren. Do muss ee vläicht mat Biller schaffen. Et muss ee wirkleech kucken, wéi mer et hikréien, dass mer déi verschidde Populatiounen hei beschtméiglech informéieren, dat, wéi gesot, engersäits bei der Fro zum Dampmelder, anerersäits awer och der Preventioun.

Wou leien iwwerhaapt bei ons doheem alleguerten déi gréisste Geforen? Wou kann e Feier séier ausbriechen? Wéi ass dat mat Multipriisen? Den elektronischen Apparater? Dem Handy, deem un Canapé oder am Bett läit, an esou weider? An der Kichen d'Frittefett, d'Zigaretten, den Uewen? Ëmmer méi Leit hunn en Uewen doheem. Jee, dat sinn alles Froen, déi een, mengen ech, dobaussen de Leit richtig muss vermëttelen. Well ech muss lech soen, ech weess net, wéi et lech all geet: Ech hu keng Äntwert op alleguerten déi Froen! An dofir ass et wichtig, mengen ech, dass mer dat a Sensibilisierungscampagnë maachen.

An domadder wollt ech lech soen, dass ech dat wirkleech e wichtegt Gesetz hei fannen, dat mer haut wäerte stëmmen. An ech ginn dofir och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Benoy. An dann ass den Tour um honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **Plusieurs voix**.- A!

► **M. Jeff Engelen** (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, ech mengen, dat meescht ass gesot. Ech wëll dem Här Dan Biancalana Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Ech mengen, et ass net vill ze soen. Et ass mer elo grad bäigefall, ech hu scho viru siwen, aacht Joer Campagnë gesinn, oder mat Biller duergestallt, fir Dampmelder opzehänken an Haiser. Haut, e puer Joer méi spéit, si mer elo do ukomm. Ech mengen, et ass eng gutt Saach. Et soll een dat och motivéieren dobaussen.

Et ass schued, datt mer keng Kontrollméiglechkeet hunn, well et jo an de private Beräich erageet. Mee trotzdem, mengen ech, kann et Liewe retten. An an deem Sënn do géif ech dann eis Zoustëmmung bréngen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engelen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Et ass e ganz wichtegt Gesetz, well et ëm d'Sécherheet geet doheem. Et ass alles dozou esou wäit richtig erkläert ginn. Mir als Piraten géife just nach eng kéier umierken, dass et hautzudaags och nach e bësse méi modern Léisunge gëtt, déi digital a vernetzt sinn. Well, wéi richtig erkläert ass, kann et an der Kichen eng kéier brennen, an et läit een awer an der Schlofkummer. An deementspriedend ass et dann net gesot, dass een dee Feiermelder héiert, mee hautzudaags kann een d'Feiermelder och alleguerten eng kéier matenee verbannen, soudass deementspriedend dann all Feiermelder am Haus Alarm schléit an een do entspriedend och sécher ass, dass ee waakreg gëtt.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mat den Assurancen deele mer d'Analys vum Rapporteur vum Gesetz. A mir froen awer och d'Politik, dass se eng kéier en A déi nächst een, zwee, dräi Joer drophält, ob d'Assurancen déi Analys och esou deelen an et net do zu anere Fäll iergendeng kéier sollt kommen. A wann et eng kéier sollt esou kommen, ass et un eis als Politik, fir d'Leit dovur ze schützen. Mir Piraten wäerten eis Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojekt ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. An elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Inneministesch, d'Madamm Taina Bofferding.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*.- Gutt! Fir d'éischt emol alle Riedner e grouse Merci, virun allem och dem Rapporteur. An dann nach eng kéier Merci fir déi ganz gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht, déi mer an der zoustänneger Interieurskommissioun haten. Mir hate jo nach e puer Ronne gedréit, fir dann och elo nach eng kéier d'Gesetz op deenen engen oder anere Punkte kënnen nozebesseren.

Mam Stëmme vun dësem Gesetz gëtt eng laangjäreg Fuerderung vum Terrain ëmgaset. Notamment hunn ëmmer d'Pompjeesfederatioun an och de Service prévention vum CGDIS dëst gefuerdert. An dofir begrëissen ech och, dass mer hei an der Chamber eeben eng Eestëmmegkeet bei dësem Gesetz hunn.

Groussbränn, an dat ass virdru scho gesot ginn, kënnen ganz dramatesch Follgen hunn. Och wann ee selwer emol oppasst an zum Beispill d'Käerz net eleng brenne léisst, sou sinn et awer ganz oft déi elektronesch Defekter oder carrement ee Brand am Nopeschhaus, och dat ass virdru gesot ginn, wat natierlech dann zu schlimme Follge kënn.

Fatal ass d'Entstoe vum Dampf, well d'Brandoudeger, dat sinn an Endeffekt Dampdoudeger. An dofir ass eebe grad deen Dampmelder, eeben deen Alarm, deen do zum Entstoe kënn, esou wichtig, fir d'Leit dee Moment opmierksam ze maachen an eeben och esou hiert Liewe kënnen ze retten. Dampmelder sinn also eng ganz wichtig Investitioun an d'Sécherheet.

Wat d'Fro betrëfft, wéi een et soll elo mat de Bautereglemter maachen, notament wann de Buergermeeschter, d'Buergermeeschtesch eeben eng Geneemegung erausgëtt, do ass et esou, dass et elo kee Must ass, en Hiweis ze

maachen. Ech géif awer emol direkt recommandéieren, et ze maachen. Et ass esou, dass d'Gesetz natierlech iwwert dem Bautereglement steet, mee et si jo eng Rëtsch Gemengen, notament och déi heibanne vertruede sinn, déi déi Referenz schonn an hirem Bautereglement hunn. An ech géif deenen anere recommandéieren, dat och esou ze maachen, fir eeben do schonn déi Referenz an hirem Reglement festzeschreiwen. A wann engem dat net kloer sollt sinn: Och hei huet den Interieur esou e Modèle type erausginn, un deem ee sech gäre kann inspiréieren, fir dat dann och juristesesch esou kënnen ofzesécheren.

Wat d'Verdeelung vun den Dampmelder betrëfft, do gouf et, ech mengen, et waren eng 150 Stéck, déi deemools den Interieur bestallt hat, fir eeben un alleguerten d'Haushalter ze verdeelen.

(Interruption)

Pardon?

► **Plusieurs voix**.- 150.000 Stéck.

► **Mme Taina Bofferding**, *Ministre de l'Intérieur*.- Dat war, fir dass Der sollt nolauschteren. Tipptopp! Voilà!

Déi sinn zesummen och mat de Gemenge verdeelt ginn. Ech weess elo net, ob déi eng oder aner Gemeng nach Dampmelder iwwreg huet. Op alle Fall, déi lescht, déi elo de CGDIS nach iwwreg hat, gi bei all Geleëenheet eebe verdeelt. An do ass jo och virdru scho vum nationale Brandschutzdag geschwat ginn, well et jo och ganz wichtig ass, dass mer eeben d'Leit sensibiliséieren.

An domadder sinn ech jo och bei deem groussen, wichtege Punkt, dass mer eeben d'Bevëlkerung doriwwer informéieren, se eebe sensibiliséieren an dorop opmierksam maachen, wéi wichtig et ass, engersäits den Dampmelder eeben ze installéieren, elo net just, well mer dat Gesetz elo wäerten hunn, dass et eng Obligatioun ass, mee op där anerer Säit se eeben och dorobber opmierksam kënnen ze maachen, fir wann et dann eeben eng kéier zu engem Brand soll kommen, dass se wëssen, wéi se sech solle verhalten, dass se vläicht schonn eng éischt Hëllef kéinte leeschten, dass se schonn déi richtig Mesurë kënnen huelen, bis eeben dee Moment de CGDIS antrëfft.

Et geet eeben hei ëm d'Fäegkeet, sech selwer ze hëllefen. Mir brauche resilient Biergerinnen a Bierger, resilient Betriber, resilient Gemengen, also eng resilient Gesellschaft.

Natierlech soll dat och nohalteg wierken. An dofir ass et wichtig - d'Gesetz, wéi gesot, ass dat eent, mee ee Gesetz eleng geet net duer -, mir mussen och d'Bevëlkerung sensibiliséieren. An dofir hu mer niewent dem Gesetz eeben och den nationale Brandschutzdag. Dat ass deen Dag, dee mer elo dëst Joer déi éischte kéier lancéiert hunn. Dat wäert elo ëmmer den 10.10. sinn, ëmmer an enger anerer Gemeng. Dat heescht, och deen Datum kënn Der lech schonn notéieren.

An niewent deenen zwee Aspekter gëtt et dann nach en neit Element, wat mer elo gäre wëllen aféieren, dat ass den neie Preventiounscours. Deen ass esou änlech wéi den Éischt-Hëllef Cours, dee vum CGDIS jo schonn offréiert gëtt. Och dat hei soll dann eng zousätzlech Offer ginn. Déi soll ab dem nächste Joer am Fréijoer ulafen, wou dann d'Leit och gratis un deem Cours kënnen deelhuelen, wou se dann eeben och iwwert d'Geforen informéiert ginn, déi sech am Haushalt kënnen stellen, do si mer jo och scho virdrunner opgekläert ginn, dass och emol esou eng Kichen deen een oder anere Risiko kann duerstellen. Et ass eebe wichtig, de Leit bäizebréngen, wéi se sech an esou enger Situatioun solle verhalten, fir eeben deen een oder anere Risiko oder Accident esou kënnen ze evitéieren, a virun allem fir sech selwer ze schützen an och ze kucken, dass et net zu grësseren Accidenter am Haushalt kënn.

Voilà! Dëst just nach als Zousazinfo. Wéi gesot, et ass e klengt Gesetz. Et ass awer e klengt Gesetz, wat eng ganz, ganz grouss Wierkung huet, a virun allem ass et e Gesetz, an ech mengen, dat streit keen of, wat Mënscheliwe wäert retten. An dofir, wéi gesot, ass et gutt, dass mer eis hei alleguerten eens sinn, dat Gesetz elo ze stëmmen, soudass et da schlussendlech den 1. Januar a Kraaft kann trieden, an dass mer, wéi gesot, niewent dem Gesetz och d'Leit dobausse sensibiliséieren, wéi wichtig et ass, eeben opmierksam ze sinn, an hinne och dann déi Praktike kënnen bäibréngen, wéi se sech ze verhalten hunn, wann et dann zu engem Accident kënn.

Op alle Fall, lech alleguerten e grouse Merci fir hei d'Zoustëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Ministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7326. Den Text steet am Document parlementaire 7326<sup>7</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7326 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7326 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten (par M. Mars Di Bartolomeo), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Stéphanie Empain) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

**10. 7418 - Projet de loi portant modification :**

**1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;**

**2° de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l'Institut national d'administration publique ;**

**3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;**

**4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État ;**

**5° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;**

**6° de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale**

De leschte Punkt vun eisem Ordre du Jour vun haut ass de Projet de loi 7418, eng Rei Ofännerunge vum Beamtestatut, a méi besonnesch wat d'Reduzéiere vun der Stagezäit vun dräi op zwee Joer ugeet. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här Dan Biancalana, d'Madamm Stéphanie Empain, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner, den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Fonction publique**

► **M. Gusty Graas** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Op dëser Plaz hate mer jo de 24. Mäerz 2015 eng Rei Gesetzer an der Fonctioun publique gestëmmt, ënner anerem och d'Erhéijung vun der Stagezäit vun zwee op dräi Joer mat gläichzäiteger Gehaltskierzung. De 5. Dezember 2016 ass den Accord salarial tëschent der CGFP an der Regierung ënnerschrifwe ginn. Deen ass bis Enn 2020 verlängert ginn. An de 15. Juni 2018 koum et dann zu engem Avenant zu dësem Accord salarial. An an deem sinn eng Rei Mesurë virgesinn, ënner anerem fir d'lessenszoulag ze erhéien. Dat hu mer och hei scho gestëmmt, an zwar de 5. Mäerz 2019. An duerfir ass d'lessenszoulag den 1. Januar 2019 ëm 60 Euro an d'Luucht gaangen.





E weidere Punkt, an em dee geet et dann haut prinzipiell - enner anerem -, war an deem Avenant natierlech awer och d'Reduktioun vun der Stagezäit vun dräi op zwee Joer an d'Upassung vun de Stageindemnitéiten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Gesetzesprojet, dee mer haut hei diskutieren, gouf de 4. März dës Joer vum Minister Marc Hansen deposiert. De 4. Abrëll krute mer en éischten Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, deen u sech d'Neuerungen och begréisst huet. En huet och virgeschloen, datt d'Stonnenzuel vun der obligatorescher Formation erhéicht soll ginn an déi duerch en Examen am Tronc commun och soll ofgeschloss ginn.

Den 13. Juni dës Joer huet dunn d'Regierung sechs Amendementer erabruucht. Den 2. Juli koum dunn den éischten Avis vum Conseil d'Etat mat dräi Oppositions formelles. En huet och enner anerem den Intitulé vum Gesetz geännert an d'Kommission huet dunn op Basis vun dësem éischten Avis aacht Amendementer gemaach, woumat och dunn déi dräi Oppositions formelles opgehuewe konnte ginn.

Den 18. September vun dësem Joer ass de President vun der Kommission zum Rapporteur genannt ginn. An an darselwechter Reunoun waren, wéi gesot, och déi Amendementer ugeholl ginn.

Mir kruten dunn de 14. Oktober en zweeten Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. An en Avis complémentaire vum Staatsrot gouf eis den 22. Oktober virgelo, soudatt mer den 13. November dunn deene Propositionen vum Staatsrot och Rechnung konnten droen, a gläichzäitig gouf och e Rapport presentéiert, deen och eestëmmege dee Moment ugeholl gouf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir ännere jo haut duerch dës Gesetz sechs besteeënd Gesetzer, an zwar de Staatsbeamtestatut vun 1979, d'Organisation vum INAP vun 1999, d'Gehältergesetz vun de Fonctionnaire vum 2015, dat iwwer d'Employé beim Staat och vun 2015, d'Schafe vum Institut de formation de l'éducation nationale vun 2015 an och d'Policegesetz vun 2018.

Em wat geet et elo an dësem Gesetz? Ech wëll versichen, dat da relativ kuerz och elo hei ze erklären. Ech wëll och drop opmierksam maachen, datt deen een oder anere Punkt net esou einfach wäert ze erklären sinn. Ech versichen awer, do mäi Bescht ze maachen.

An natierlech geet et an éischer Linn emol em d'Suppression vun där ominéier, berüumter 80-80-90-Reegelung. An zwar sollen d'Beamten dann elo erëm vum éischen Dag un, wou se an de Stage kommen, hiert vollt Gehalt kréien. Dat bréngt natierlech mat sech, datt d'Nominatioun vun deene Beamten, déi ab dem 1. Oktober 2015 fir dräi Joer an de Stage opgeholl gouden a virum Akraafttriede vun dësem Gesetz nominéiert gi waren, esou ugesi gëtt, wéi wa se ee Joer éischer gewiescht wier. Dat huet natierlech eng Inzidenz och op d'Applikatioun vun Avancementer an den Echelonnen an de Graden.

Dat gëllt selbstverständlech och fir déi Beamten, déi à temps partiel schaffen. Do war jo d'Stagezäit véier Joer. An da gi selbstverständlech och fir déi Beamten, déi eng Reduktioun vum Stage kruten oder eng Prolongatioun kruten, déiselwecht Kritären ugewannt.

D'Indemnitéiten, an dat ass jo natierlech och net onweesentlech fir d'Stagiären, gi réckwierkend op Effet vum 1. Januar 2019 nei verrechen. De Stage kann och a speziellen a begrënnte Fäll bis e maximalen Délai vun zwielef Méint suspendéiert ginn, zum Beispill, wann e Stagiaire doheim bei sengem schwéier kranke Partner bleift.

Wann d'Bewäertungsgespräch, wat jo natierlech och gefouert muss gi mam Stagiaire, net an deenen dräi Méint vun der Referenzperiod ka gemaach ginn, da gëtt déi Period gegebenefalls an och de Stage verlängert, bis dat Gespräch ka sinn. Dat Gespräch muss dann allerdings späitstens zwee Méint nom Retour vum Stagiaire stattfannen.

Da sinn natierlech an dësem Gesetz och nach eng Rei aner Ännerunge virgesinn. Fir d'éischt natierlech, wat de Congé parental ubelaangt. Do kënnen och elo déi Fonctionnairen an Employéen am Stage vum fraktionéierte Congé parental a vum Temps partiel profitieren. Allerdéngs muss hir Formation dann awer virum Oflaf vun der Stageperiod ofgeschloss ginn.

Da ginn och déi Fäll opgeléicht, wou d'Fonctionnairen, also wou déi betraffe Beamten, fir emol esou de Sammelbegrëff ze gebrauchen, keng zweet Chance kënnen kréien, fir definitiv an de Staatsdénsgscht opgeholl ze ginn - do gi mer allerdéngs e bësse méi restriktiv -, also

wou de Stage wéinst enger motivierter Entschcheidung oder wéinst graven Ursachen och opgekënnegt ka ginn. Och déi Kandidaten, déi fir d'zweete Kéier nëmmen den Niveau de performance 1 errechen, déi hate Pech an déi ginn natierlech dann awer automatesch ecartéiert.

E weidere wichtige Punkt, dat ass d'Bonifikation vun där ganzer Zäit, déi am Privatsektor verbruecht ginn ass. Ech wëll do vläicht nach eng Kéier kuerz zrëckkucken. Viru Jore war et esou am Staatsdénsgscht: Wann ee vum Privatsektor an den öffentlichen Dénsgscht gewieselt huet, dann ass déi Zäit, déi en nach am Privatsektor verbruecht huet, bei der Berechnung vun der Carrière beim Staat op Basis, wéi gesot, vum Âge fictif nëmmen hallef ugerechent ginn. Dat hu mer geännert mam Gesetz vun 2015, wou mer prinzipiell d'Decision geholl haten, datt och déi Zäit, déi een am Privatsektor verbruecht huet, gegebenefalls ganz ugerechent ka ginn, wann een, wéi gesot, den Transfert an de Secteur public mécht.

Allerdéngs war dat dann oft ofhängeg vun enger Decision vum Virgesetzten, sief dat aus dem Departement, dem Ministère oder der Verwaltung, an et huet missen eng Relatioun bestoen tëschent der Aarbecht, déi een am Privatsektor gemaach huet, an där neier Aarbecht, déi een an dem öffentlichen Dénsgscht dann dee Moment ugetrueden huet. Dat huet natierlech zu enger Rei vun Interpretatiounen gefouert, déi eng Kéier esou ausgefall sinn an eng Kéier esou ausgefall sinn.

Dowéinst hu mer geduecht, datt et gutt ass, kommt, mir schafen dat doten of, soudatt vun elo un, wann d'Gesetz dann a Kraaft ass, déi Zäit, déi een am Secteur privé verbruecht huet, wann een den Transfert an de Secteur public mécht, ganz ugerechent gëtt, onofhängeg dovun, wat een, wéi gesot, am Privatsektor geschafft huet. Ech mengen, dat ass e ganz weesentlech Element. Et erlaabt natierlech och, den Transfert vum Privé an de Public besser ze maachen.

Dann ass natierlech ee wichtegt Element och an dësem Gesetz d'Formation. An zwar gëtt déi am Kapitel 2 Artikel 4 méi spezifesch dann och elo hei definéiert. Ech gi ganz gären zou, datt dat e Punkt ass, deen e bësselche méi zu Diskussiounen gefouert huet. Mir hunn och do als Kommission reagiert.

Mir hunn och deemutspriechend en Amendement erabruucht. Doduerch, datt déi allgemeng Formation, wéi se ursprénglech am Text virgesi war, vu 60 op 90 Stonnen eropgesat gëtt - mindestens 90 Stonnen, wëll ech hei ennersträichen -, hu mer awer, mengen ech, deene Kriticken zu engem gudden Deel Rechnung gedroen.

Ech wëll och hei ennersträichen, datt dat eng Mindestzuel ass an datt déi kann duerch e Règlement grand-ducal also nach no uewen adaptéiert ginn, allerdéngs natierlech net no ennen.

Dat bréngt awer och mat sech, datt d'Kontroll vun de Kenntniss wéi och de Rapport iwwer déi professionell Capacité bei den Employéen elo suppriméiert gëtt. Domadder ass u sech eng Decision geholl ginn, déi esou argumentéiert gëtt, well et u sech och keen Effet hat, ob een elo géif deen Test bestoen oder net. Awer als Gégeleeschtung ass dann och gesot ginn a versprach ginn, datt an Zukunft bei der Formation d'Qualitéit méi am Vierdergrond géif stoen. Ech wëll och hei ennersträichen: Bei den Employéë schwätzt een elo net méi vun enger „période de stage“, mee vun „période d'initiation“.

Schlussendlech gëtt da mat dësem Gesetz awer och nach d'Policegesetz vum 18. Juli 2018 an deem Sënn emgeännert, datt de Stage vum Polizeikader och zwee Joer ass, an déi praktesch Phas vun engem Joer an den operationellen Unitéiten, déi entfält dann.

Da gi mer elo eriwuer bei d'Dispositions transitoires. Do gëtt et elo e bësselche méi komplizéiert. Dat huet och seng Ursach. Ech mengen, wann een esou e Gesetz stëmmt mat enger Réckwirkung op den 1. Januar vun dësem Joer, da bréngt dat natierlech eng Rei vu problematesche Berechnungen mat sech fir déi Leit, déi schonn am Stage ware respektiv de Stage eréischt ugefaangen hunn. Ech wëll do net ze vill an den Detail goen.

Wat allerdéngs och wichteg ass, dat ass, datt e Recalcul kennt vun de Patronats- a Salariatsparte fir d'Pensionen, an zwar an deem Sënn iwwerhëlt de Staat elo fir déi Period vum 1. Oktober 2015 bis den 1. Januar 2019 fir d'Fonctionnairen an d'Employéen, déi virum 1. Januar 2019 am Stage waren, déi Differenz vun deenen effektiv bezuelte Cotisationsen an deene Cotisationsen, déi nom Akraafttriede vum Gesetz theoretesch also hätte misse bezuelt ginn.

Wat aner Dispositions transitoires ubelaangt, wéi gesot, ginn ech net ze vill an den Detail,

wéilt awer vläicht unhand vun zwee Beispiller drop hiweisen, wéi komplex déi ganz Matière hei ass. Zum Beispill kritt e Beamten, deen nom Akraafttriede vun dësem Gesetz säin Examen de stage scho gepackt huet, mee deem säi Stage awer nach manner wéi e Joer leeft, dann eng Nominatioun, nodeems datt dës Gesetz a Kraaft trëtt.

Oder en anert Beispill, wou de Beamten den Examen net gepackt huet beim Akraafttriede vum Gesetz, mee duerch d'Gesetz awer net méi am Stage wier, dee kritt eng Nominatioun den éischen Dag nom Mount, no deem Mount, wou d'Gesetz a Kraaft getrueden ass (veuillez lire: dee kritt eng Nominatioun den éischen Dag vum Mount, nodeem hien all d'Konditiounen fir d'Nominatioun erfëllt huet). Dat klénge elo alles e bësselche komplizéiert, mee ech wëll lech domadder illustréieren, datt mir et eis heimadder guer net einfach maachen. Ech hunn awer vollt Vertrauen an d'Spezialisten, datt déi herno, wann et em d'Berechnung geet an och em déi Fäll do, dat ganz genee ausrechnen, wéi dann déi Stagezäit herno muss festgehal ginn, an datt dat schonn esou wäert klappen. Mee dat ass nun eeben awer an dësem Gesetz net aneschtens ze maachen.

Jiddefalls, de Legislateur huet et sech hei net einfach gemaach. Et ass eng komplizéiert Matière.

Natierlech huet déi ganz Gesetzgebung hei och e weesentlechen Impakt op de Budget fir dat lafend Joer, fir dee lafenden Exercice. Also 2019 mécht dat fir d'Suppression vun der 80-80-90-Reegelung 29,9 Milliounen aus, fir d'Reduktioun vum Stage vun dräi op zwee Joer 8,7 Milliounen a fir déi Differenz, déi de Staat iwwerhëlt bei der Cotisation fir d'Pensionen tëschent der Period vum 1. Januar 2015 an dem 31. Dezember 2018, mécht dat 5,7 Milliounen aus. Wa mer dat alles zesummerechnen, da komme mer op 44,3 Milliounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e wichtegt Gesetz. Dat erkläert och, firwat mer an deene leschte Woche ganz schnell, ganz intensiv dru geschafft hunn. A firwat? Ma well och hei ronn 1.300 Beamte betraff sinn. An et muss een och sech an d'Haut vun deene Leit versetzen, déi eeben, wéi gesot, elo zum Deel an enger Iwwergangsphas sinn, an enger Phase d'attente sinn. Déi wëllen natierlech och gär wëssen: Wéi entwéckelt sech elo meng Carrière? Bon, haut kréie se dann elo jiddefalls Kloertext matgedeelt.

Dowéinst géif ech lech och da bieten, dësem wichtige Gesetz awer zouestëmme, a bréngen och gläichzäitig den Accord vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Graas. Als éische Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Aehm ageschriwwen. Madamm Aehm, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **Mme Diane Aehm (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV, déi steet hannert dem Avenant vum Accord salarial vum 5. Dezember 2016, an den Avenant, wuel verstanen, ass de 15. Juni 2018 ennerschriwwen ginn tëschent der Regierung an der Confédération générale de la fonction publique.

Et stinn eng ganz Retsch Saachen an dësem Gesetzesprojet dran. Ech wäert net op se allequerten agoen, well de Gusty Graas en exzellente schréfftlechen a mündleche Rapport gemaach huet, an et ass, wéi en e puermol gesot huet, en immens technesche Rapport an ech wëll elo wierklech net e Rapport bis hei maachen. Mee ech wéilt awer e puer Saachen trotzdem ervirhiewen.

Wéi gesot, mir schafen déi 80-80-90-Reegelung of bei dem Bezuele vun de Leit, déi hire Stage an der Fonction publique maachen. Mir stinn hei derzou, well an eisen Aen hunn d'Staatsfinanze sech weesentlech verbessert iwwer déi lescht Joren, an dat dank engem staarke Wuesstum hei zu Lëtzebuerg. An duerfir sollen an eisen Aen d'Staatsbeamten, déi jo och e weesentlechen Deel zu dësem Wuesstum bäidroen, kënnen vun de gesonde Staatsfinanze profitieren.

Ech wéilt awer trotzdem heizou, zu deem Ofschafe vun där 80-80-90-Reegelung dem Minister eng Fro stellen, an zwar: Kënnen mir sécher sinn, dass mat dësem Gesetzesprojet sämtlech Stagiären ofgedeckt sinn an dass et keng Härtefäll an Zukunft wäert ginn?

An ech wéilt awer och vum Minister wëssen, wéi et ass mat den Eisebunner a mat de Gemengebeamten, wou mer mat deenen dru sinn. Well normalerweise, wann esou Saachen an der Fonction publique kommen, gëtt dat jo och bei den Eisebunner a bei de Gemengebeamte gekuckt.

Ech wéilt awer och nach op en anere Punkt agoen, dee fir d'CSV extreem wichteg ass. Et geet nämlech em d'Reform vum Stage an der Fonction publique. D'Gesetz vun 1999 respektiv de Règlement grand-ducal vum 31. Oktober 2018 reegelen d'Formation, déi d'Stagiären an der Fonction publique maache müssen. Hei gëtt och d'Zuel vun de Stonnen festgeluecht.

Souwuel de Staatsrot wéi d'Chambre des Fonctionnaires bedauern, dass dës Unzuel vu Stonnen erofgesat ginn ass op 60 Stonnen.

D'Regierung argumentéiert, dass d'Stagezäit zrëckgeet an dowéinst wier et an hiren Aen och logesch, fir d'Unzuel u Stonne vu Formation um INAP zrëckzesetzen.

Mee virun der Reform vum Staatsbeamtestatut vun 2015 war de Stage an der Fonction publique och zwee Joer, mat enger méiglecher Reduktioun op ee Joer. Deemools ass d'Stagezäit vun zwee respektiv engem Joer op dräi respektiv zwee Joer eropgesat ginn, mee d'Formation ass net no uewen ugepasst ginn. An elo soe mer, mir setzen d'Stagezäit erëm zrëck a mir setzen d'Formation gläichzäitig erof.

A souwuel d'Chambre des Fonctionnaires wéi de Staatsrot bemängelen dës Punkt an de Staatsrot weist och des Weiteren drop hin, dass déi aktuell Formation an der Stagezäit eigentlech ni global evaluéiert ginn ass. Et hätt een nämlech kënnen, laut dem Staatsrot, d'Unzuel u Stonnen iwwerkucken, d'Programmer iwwerkucken, d'Methoden, fir ze enseignieren, an och d'Formation iwwer d'ganz Carrière.

Selbstverständlech wësse mir och als CSV, dass an Zwëschenzäit eng Reform vum INAP gemaach ginn ass an dass do verschidden Upassung gemaach gi sinn. Mee trotzdem soll ee sech där Saach net verschléissen an eng Kéier eng global Evaluatioun vun där ganzer Saach maachen.

D'Formation générale, déi gëtt dann elo op 90 Stonnen definitiv festgesat, nodeems dat souwuel vum Staatsrot wéi vun der Chambre des Fonctionnaires monéiert ginn ass. An d'Formation spéciale, déi soll an den eenzelne Verwaltungen gekuckt ginn.

De Staatsrot ass mat dëser Léisung averstanen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet allerdéngs nach ëmmer e Problem domadder. Well si fannen, dass eng Formation générale vun 90 Stonnen net onbedéngt duergeet an dass solle weiderhin Examen gemaach gi fir den Tronc commun. A si hätten och gären, dass genee definéiert gëtt, wéi eng Carrière wivill Stonne Formation mécht an dass d'Formation spéciale weiderhi soll esou bleiwen, wéi se aktuell ass.

Mir bedauern, dass an dësem Gesetzesprojet d'Formation, esou wéi se elo virgesinn ass, no ennen ugepasst ginn ass, amplaz dass mat de concernéierte Leit gekuckt ginn ass.

E gutt ausgebildete Beamte leescht eng gutt Aarbecht. An dofir ass d'Formation fir eis e wichtige Punkt.

Mir stënnen dës Gesetzesprojet awer mat, well mir d'accord si mam Accord salarial.

Mir wëllen awer och nach weiderhi vum Minister wëssen, wéi et ass mat de Verhandlungen mat de sektorielle CGFP-Fachverbänn, wou soll iwwer hir respektiv Problemer geschwat ginn. Dës si jo och e weesentleche Bestanddeel vum Accord salarial vum 2016.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Aehm. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'LSAP ass eng modern a gutt organiséiert Fonction publique wichteg. Eng Fonction publique, déi de Bierger eng ganz Rei Dénsgschtleeschungen op héijem Niveau ofréiere kann. Dat an engem Kontext, wou d'Land sech demografesch souwéi och an anere Beräicher konstant weiterentwéckelt. Dofir brauche mer Beamten a Fonctionnairen, déi ganz kloer dës wichtiger Aufgab kënnen gerecht ginn an och kënnen nogoen.

Haut diskutéiere mer virun allem iwwer e Gesetz, dat de Stagiären zegutt kennt. An et ass effektiv wichteg, dass d'Stagezäit attraktiv gestaltet ka ginn, fir jonk a kompetent Leit an der Fonction publique kënnen ze rekrutéieren an hinnen duerch eng héichwäerteg Formation dat néidegt Wëssen, awer och déi néideg Kompetenz kënnen mat op de Wee ze ginn.





De Gesetzestext gesäit vir, verschidden Dispositionen, déi de 15. Juni 2018 am Kader vun der Modifikatioun vum Accord salarial vun 2016 tëschent der Regierung an der CGFP ausgehandelt goufen, ëmzesetzen. Meng Virriedner sinn effektiv op dës Ännerunge schonn agang. Mee am Kär steet virun allem dran, d'Stagezäit vun dräi op zwee Joer erofzesetzen an d'80-80-90-Reegel ofzeschaffen. A wat d'Indemnitéiten ugeet, geet een also op de System vu virun der Reform zrëck.

D'LSAP begreift d'Ëmsetzung vun deem Accord a spezifescht déi zwee Punkten, esou wéi mir et och an eisem Walprogramm stoen haten. Dës Entscheidung kennt am Endeffekt virun allem de Jonken zegutt.

Den deemolege Fonction-publiques-Minister Dan Kersch hat bei der Adoptioun vun der Reform vun der Fonction publique 2015 hei op der Tribün gesot, hei an der Chambre, dass ee bereet misst sinn, iwwert déi Ännerungen, déi am Kader vun enger Reform durchgesat gi sinn, an Zukunft ze diskutéieren a se a Fro ze stellen. Dat maache mer haut de Mëtten hei an der Chambre.

D'Reform vun 2015 war e Package vun enger ganzer Rei Ännerungen an och e Kompromëss, wat zu deem Zäitpunkt politesch a finanziell méiglech war.

Et däerf een och net vergiessen, dass de finanzielle Kontext deemools en anere war wéi haut. Well d'Schafe vun neie Carrière respektiv d'Ëmklasséierung vu verschiddene Kategorië vu Beamte méi Ausgabe mat sech bruecht huet, ass bei anere Plazen no ënnen ajustéiert ginn. Dat waren d'Indemnitéiten, dat war bei de Stagiaire mat der Aféierung vun der 80-80-90-Reegel de Fall. Dat hu mer an deem spezifesche Kontext an engem Gesamtkompromëss gesinn an och akzeptéiert. Mee et muss een och unerkennen, dass d'Stagiaires, och wann hinnen d'Erfahrung nach feelt, oder feele sollt, eng Vollzäitaaarbecht maachen an donieft och hir Formation brauchen.

D'LSAP ass der Meinung, dass een hinnen och eng vollstänneg Pai bezuele soll, virun allem well am Moment de finanzielle Spillraum do ass an esou d'Fonction publique méi attraktiv ka gestalt ginn.

Deen aneren Haaptpunkt, wéi gesot, ass jo d'Stagezäit, déi op zwee Joer erofgesat gëtt. An 2015 war de Stage jo fir all Carriären harmoniséiert ginn, wat eiser Usicht no méi Gerechtheek geschaf huet. D'Formation ass dobäi an de Mëttenpunkt gestallt gi mam Zil, d'Leit besser op hir Examen an awer och op d'Realitéit vum Beruff virzubereeden.

De Fait, dass elo de Stage gekierzt gëtt, ass net onbedéngt problematesch. Et ass net d'Dauer vun der Stagezäit, déi den Erfolleg bréngt, mee virun allem dat, wat während där Zäit vermittelt gëtt. Et muss sécher gestallt ginn, dass de Stage valoriséiert gëtt an de Contenu sënnvoll ass. Et ass am Interêt vum Stagiaire, vu sengem Service a vun der Fonction publique au sens large.

Fir nach kuerz bei der Formation ze bleiwen: Am Kader vun der Reduktioun vun der Stagezäit ass jo och, an der Formation générale, d'Formation vu 60 op 90 Stonnen, wéi gesot, eropgesat ginn, no den Diskussionen, déi mer an der Kommissionen haten, an och no den Aise vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics respektiv och vum Staatsrot.

Beim Gesetz, wat mer awer och de Mëtte virleien hunn, ass virgesinn, dass de Stage an der Policeschoul vun dräi op zwee Joer verkierzt gëtt, soudass de prakteschen Deel, dee vun der Formation während dem drëtte Joer an enger Policeunitéit stattfonnt huet, ewechfällt. Dës Volet soll an Zukunft während dem zweete Joer ofgehalen ginn. Wichtig ass, dass fir déi zukünftige ugeend Polizisten dës sech op alle Fall net au détriment vun der Qualitéit vum Rescht vun hirer Ausbildung mécht.

E leschte Punkt, deem an eisen Aen och nach wichtig ass, ass d'Ofännerung vum System vun de Leit, déi aus dem Privatsektor kommen, déi eent zu eent effektiv eriwuergeholl ginn (veuilez lire: deenen hir Berufserfahrung eent zu eent effektiv ugerechent gëtt). Do waren am viregte Gesetz eng Rei Inkohärenze respektiv Ongläichheeten. Dat fousst elo e bësse méi op enger uniformer an integraler Approche.

An, ech mengen, wat och wichtig ass fir d'Stagiaires - fir ofzeschleissen -, dass se just de Congé parental bei Vollzäit konnten ofroen. Elo gëtt effektiv an der Stagezäit dës Congé parental, an och fraktionell, méi flexibel gehandhabt. An och dat ass am positive Sënn vun der Vereenbarkeet vu Beruff a Famill, fir dat effektiv ganz kloer ze fërderen.

D'LSAP steet also hannert den Ännerungen vun deem Gesetzestext, steet deem positiv géint-iwwer. Ech ginn dofir den Accord hei vun der LSAP. A Merci och dem Rapporteur, dem Gusty Graas, fir säin exzellente mëndlechen a schrëfteleche Rapport.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Biancalana. Nächsten ageschriwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Stéphanie Empain (déi gréng).**- Ech soen lech Merci, Här President. Léif Kollegen an der Kommission, fir unzefänken e grouse Merci un de Rapporteur fir dësen dach relativ technesche Rapport, wou mer och gesinn hunn, dass bei der Iwwerleeung zu deem Gesetzesprojekt immens vill Cas de figures hu misse durchgespillt ginn, fir eebe sécherzestellen, dass alleguerten d'Fall ofgedeckt kënnen sinn.

Dës Projet de loi ass e wichtige Projet, well mer jo iergendwou och mussen unerkennen, dass de Staat e ganz groussen Employeur ass an domadder och fir vill Mënschen an deem Land responsabel ass a fir hir Zefriddenheet op der Aarbecht.

D'Leit, déi beim Staat schaffen, schaffen am Dénkscht vun de Bierger an am Dénkscht och vum Standuert Lëtzebuerg. Si sinn déi, déi all Dag och derfir suergen, dass de Buttek leeft. A mir brauchen dofir kompetent Administrationen mat motivéierten a gutt ausgebildete Mitarbeiter.

Dofir ass et wichtig, dass beim Staat jidderee gläich behandelt gëtt an d'Aarbecht och d'selwecht valoriséiert gëtt. Och soll de Staat mam gudden Beispill virgoen, wann et drëm geet, e familieferëndleche Kader ze schafen a fir eng besser „work-life-balance“ ze suergen.

Dofir ass et fir mech och wichtig, dass mer dës Gesetzesprojekt net just op de finanzielle Volet reduzéieren, also d'Reduktioun vun der 80-80-90-Reegel, mee dofir - meng Virriedner hunn et scho gemaach - loosst mech just och e puer vun deene Punkten, déi eis wichtig erschéngen, ervirhiewen.

Et ass eng Käier déi Saach vum Wiessel vum Privatsektor an den ëffentleche Sektour. Hei gëtt et jo d'Disposition, dass eng Persoun, déi am Privatsektor geschafft huet an an d'Fonction publique wëllt eriwuerwiesselen, hir aktiv Joren elo d'office ugerechent kritt. Dës Ännerung ass an eisen Aen absolutt ze begreifen, well se bedeit, dass dës Projet de loi elo méi Flexibilitéit zouséichert an deem Sënn, dass déi betraffe Persounen näischt verléieren, wa se eeben aus dem Privatsektor eriwuerwiesselen.

Well et ass jo och bekannt: An den Administrationen gëtt oft no qualifiziertem Personal gesicht. Et gi bestëmmte Kompetenze gebraucht, mee se ginn oft net fonnt, well d'Tatsaach, dass ee seng Aarbechtsjoren aus dem Privaten net ëmmer ganz ugerechent krut, awer eng Hürd war. Se bedeit op där anerer Säit awer och aus der Siicht vum Fonctionnaire oder vum Employeur, dass si fir hir Aarbecht, déi se leeschten an der Fonction publique, déiselwecht Anerkennung kréien an domat eeben och eng Ongerechtheek konnt aus de Feiss geschafe ginn.

Eng aner Saach ass natierlech och d'Familieferëndlechkeet an d'Virbildfunktoun, déi mir als Staat och als Employeur hunn. An d'Tatsaach, dass vun elo un am Stage och déi flexibel Formule fir de Congé parental kënnen zielen, ënner verschiddene Konditione, wuelverstanen, geet och an dës Richtung.

Bis elo konnt een, wéi gesot, am Stage just de Congé parental à plein temps huelen. Mir hunn do eng Flexibiliséierung am Privaten. An dës Upassung ass eeben och wichtig, fir mat engem gewëssene Virbild virzegoen an dat dann och eventuell de Privatsektor eeben nozitt.

Da kommen ech natierlech och zur Ofschaffung vun der 80-80-90-Reegel, wat oft als reng Spuermeasure eebe gesi ginn ass. Et ass effektiv eng Mesure, déi net wierklech justifizéiert war, ausser eeben aus enger ekonomescher Perspektiveraus.

Et muss een awer eeben och de Bléck drop behalen, dass déi Stagiairen am Alldag, en gros, déiselwecht Aarbecht maache wéi hir Aarbechtskollegen och an deementspreechend och net gerecht ass, si dann deementspreechend manner ze remuneréieren.

An da sinn ech bei der Reduktioun vun der Stagezäit vun dräi op zwee Joer. Dat begreisse mir natierlech och, well domadder d'Attraktivitéit vum ëffentleche Sektour erhéicht gëtt. Iwwer Iwwergangsmesur gëtt jo dann och d'Situation vun deene Mataarbechter gereegelt, déi aktuell am Stage sinn.

Ech géif dann trotzdem och gären op d'Formation an den INAP agoen, quitte dass dat elo net onbedéngt Objet vun deem Projet de loi ass. Ech wëllt awer och umierken, dass d'Regierung an der Logik vun dëser Reform och un enger qualitativer Verbesserung vum Stage schafft. Mir kruten dat jo och an der Kommission presentéiert. A wann de Stage elo vun dräi op zwee Joer erofgeschrafft gëtt, stellt sech natierlech an engem eeben och d'Fro vun der Ausrichtung vun deem Stage. D'Zil ass et jo net, de Stage duerch eng Reduktioun vun de Stonnen ze devaloriséieren, mee och eng Verbesserung an eng Adaptatioun vum pedagogesche Konzept ze erreechen.

Mir sinn eis, mengen ech, alleguerten eens, dass et beim Stage muss ëm Inhalter an ëm d'Qualitéit goen. A virun allem, dass de Stage der Realität an de Besoinen vun haut ugepasst ass. Et dierf an Zukunft net méi sinn, dass vill vun de Stagiairen d'Gefill hunn, dee Stage wier fir si net sënnvoll gewiescht, oder net sënnvoll, falls se nach dra sinn, well dat, wat se do léieren, net onbedéngt a Relatioun ass mat deem, wat se op hirer Aarbecht maachen. An ech mengen, dass et wichtig ass, dass d'Besoinen an de verschiddene Ministèren och respektéiert ginn an de Stage an d'Formation op déi Realität muss ugepasst ginn.

Fir dann awer nach eng Käier drop zrëckzekommen: Genau dowéinst ass et eebe wichtig, dass mer d'Diskussion net just op d'Dauer vum Stage limitéieren, mee eeben och iwwert d'Qualitéit vun der Ausbildung schwätzen an iwwert d'Unerkennung vun der geleeschter Aarbecht. An dës gesot, begreisse mir Gréng dës Mesuren an ech ginn domadder dann och den Accord vun eiser Fraktioun fir dës Gesetzesprojekt.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Empain. Nächsten ageschriwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och ufänken mat engem grouse Merci un den Här Graas, deem eis hei eng komplizéiert Matière, wéi een et bei him gewinnt ass, op eng ganz einfach a kloer Manéier presentéiert huet.

Et ass e Gesetz, wat mer elo hei als ADR och wäerte matstëmmen, net mat Begeeschterung, mee mir haten eis och engagéiert, fir den Accord salarial ze respektéieren. Mee ech wëllt awer e puer Observatiounen dozou formuléieren.

Et fält jo schonn op, dass mer 2015 hei eng 80-80-90-Reegel aféieren, ënner Gambia 1, a se e puer Joer drop, ënner Gambia 2, nees ofschafen. Et kann een dorivwer laang diskutéieren. Mee ech mengen, et ass sécher net e Beispill vun enger iwwerzeegender Gradlinegkeet iwwert d'Joren an der Politik.

Ech wëllt och soen, d'Ursaach, firwat déi 80-80-90-Reegel agefouert gouf, wor déi - fir och dee Problem unzeschwätzen, dass eng Rei qualifizéiert Leit aus dem private Sektour eriwuerkommen an den ëffentleche Sektour -, dass de private Sektour relativ vill investéiert, fir Leit auszubilden, déi awer dann, fir eng besser Plaz, relativ séier an den ëffentleche Sektour eriwuergerinn.

Dee Problem ass net examinéiert ginn. Wat huet déi 80-80-90-Reegel an där doter Hisiicht wierklech bruecht? Gëtt et dee Problem nach? Wéi wëlle mer dee Problem dann upaken? Well et ass jo am Interessi vun eiser ganzer Gesellschaft - net nëmme vun der Fonction publique, mee vun der ganzer Gesellschaft -, dass mer och am private Sektour qualifizéiert Leit hunn, déi op d'Käschte vun de Betriber ausgebild ginn an déi mer och do musse kënnen halen.

Dee Problem muss weider diskutéiert ginn. An et ass eeben elo esou, dass dës Gesetz souguer den Iwwergang vum Privaten an den ëffentleche Sektour nach favoriséiert. Dat heescht, déi Logik oder déi Argumentatioun, déi deemools ugefuert ginn ass, schéngt elo haut keng Roll méi ze spillen.

Eng zweet Observatioun, déi ech wëllt maachen, dat ass, dass de Staat wiisst, de Staatsapparat, a warscheinlech ze séier wiisst. Dat huet eng Ursaach am Wuesstum vum Land allgemeng. Dat huet awer och eng Ursaach doranner, dass eng ganz Rei Administrationen an deene leschte Jore geschaff oder ausgebaut goufen an dat een, mengen ech, kéint zu Recht argumentéieren, dass op verschiddene Plaze sech an der Tëschenzäit eng ze vill grouss Administration opgebaut huet. Wat jo och a verschiddene Bëraicher oppe kritiséiert gëtt, wéi zum Beispill an der Education.

Et ass awer esou, well de Staat esou séier wiisst, ass den Niveau erofgesat ginn. An dat ass

schlecht, net nëmme fir d'Fonction publique, mee och fir d'Zukunft vun eisem Land allgemeng. Wann ee wierklech seet, mir brauchen eng Fonction publique mat engem héijen Niveau - a mir brauchen eng -, da kënnen mer dee Wee, deem dës Regierung 1 an 2 ageschloen huet, net viruoen. De Staatsexamen ass ausgehelegt ginn. Elo gesi mer, dass hei eng Rei Dispositionen erëm sinn, déi als Endresultat eng Verréngerung vum Niveau vun deene Leit hunn, déi awer sollen hëllefen, eist Land ze geréieren.

An dat ... Ech weess, dass d'Regierung dat elo wëllt anescht presentéieren, mee ech géif awer mengen, dass ganz vill Leit mat deem doten Examen, mat där doter Analys d'accord sinn. A mir hunn och virdrun héieren, eenzel Virriedner hu se genannt, dass och d'Chambre des Fonctionnaires an anerer Bedenken an déi do Richtung hunn. Op deem Wee kënnen mer net weidergoen. Mir brauchen einfach e Revirement an der Qualitéit an de Schoulen, am Staatsexamen, am Stage, op villen anere Plazen, wa mer eisem Land och do wëllen eng Zukunft ginn.

Ech wëll ofschléisse vläicht mat enger drëtter Observatioun. Déi 80-80-90-Reegel, ech hat an Erënnerung geruff, firwat se eigentlech gemaach gouf. Mee et gëtt eng aner Disposition, déi och virun e puer Joer geholl ginn ass, dat ass de Bewäertungssystem an der Fonction publique. An do hu mir als ADR och eng konsequent Linn. Mir soen, dass dee Bewäertungssystem an der Fonction publique, esou wéi en elo ass, kontraproduktiv ass, dass en net gutt fonctionéiert.

An dat ass eng Fuerderung, déi ech och hei nach eng Käier wëllt widderhuelen am Numm vun der ADR, dass mer dee Bewäertungssystem, wéi en am Abléck an der Fonction publique existéiert, mussen ännere voire ofschafen. An ech wollt d'Regierung froen, ob se an déi Richtung och géif matgoen.

Ech soen lech Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci villmools, Här President. Jo, natierlech begreisse mir och elo déi Ëmsetzung vum Avenant vum Accord salarial. Eng Reform vun der Reform u sech. Well virdrun huet de Kolleg Kartheiser vu Gambia 1 geschwat. Ech ka mech erënneren, dass et Kersch 1 war, deem 2014 eng Reform gemaach huet, e puer Joer drop Kersch 2 komm ass a seng eege Reform erëm réckgänge gemaach huet, opportunement kuerz viru Walen. Mee ëmmerhin, et geet jo hei ëm den Inhalt. An ech mengen, mir sinn amgaangen, elo gutt Saachen ëmzesetzen.

Mir sinn awer der Meinung, an dat muss ee soen, well mir hunn awer kee Verständnis, an et kann een och net dohinnergoen, well mir haten och deemools dergéint gestëmmt, 2014, 40 Amendementer erabruucht - mäi Virgänger, de Justin Turpel, hat se do abruucht; se sinn da selbstverständlech net ugeholl ginn -, well och deemools war de Kontext net anescht, et kann een net dohinnergoen a soen, deemools huet ee missen oppassen op d'Depensen.

Mir brauchen e staarke Service public hei zu Lëtzebuerg. Net nëmme hei zu Lëtzebuerg. An e staarke Service public, dee kennt der Bevölkerung zegutt. Dat doten ass net nëmme erëm eppes, wat mer maache fir d'Beamten. Well och wann ee justement liest, wat d'CGFP schreift oder souguer de Landesverband, deem zwar domadder elo direkt näischt ze dinn huet, mee dat si jo awer och Beamten, si schwätzen och vu Service public.

An dat ass immens wichtig, grad an enger Zäit, wou grouss Konzernner zum Beispill eendeitig méi ze soen hunn oder méi Mëttelen hu wéi e Staat selwer. Da muss de Staat fir seng Bierger jo justement erakommen, wann een dat wëllt finanzéieren, natierlech geet et net mat manner Besteuerung vu Betriber a grouse Betriber. Dann huet een natierlech e Finanzierungsproblem. Dat kann et jo awer net sinn, dass een duerch manner Besteuerung vu Betriber a grouse Betriber duerno muss an de Service-publicke kierz goen.

Dofir ëmsou méi: Wann d'Situatioun schwieereg sinn, da brauch een e staarke Service public. Well e méi klenge Service public oder méi e schlanke Service public, wéi d'ADR sech dat erwünscht, mee dat ass e Service public fir déi besser Leit! Mee normal schaffend Leit brauche vill Crèche, brauche vill Schouleschteren, Proffen, brauche vill ganz verschidde Services an der Gesondheet, an der Administration, ëmsou méi well mer jo méi wuessen.

E richtige Service public, dat ass eng Post, déi funktionéiert. Dat ass ganz wichtig. Dat ass keng Post, déi an ee Supermarché migréiert.





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg  
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Wann een dat mécht, dann huet een net verstanen, wat e Service public ass! Mee leider ass dat jo och hei geschitt. An domadder hutt Dir, Här Hansen, näischt ze dinn. Dat ass ...

#### (Hilarité)

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- ... e sozialistesche Ministerkolleeg, deem op déi fantastesch Iddi komm ass. Soit!

Ëmmerhin, mir wäerten dat elo matstëmmen. Mir bedauern awer, datt d'Regierung sech e bësse geziert huet an där ganzer Geschicht. Et si jo awer vill Amendementer komm vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Et sinn nach e puer Saachen, déi opstinn.

#### (Interruption)

Beim Brevet de maîtrise zum Beispill, wou ee sech awer och kéint iwwerleeën, ob een dat wierklech muss an der Kategorie D1 beloossen an net eropgradéieren op B1 zum Beispill.

A bei der Période de travail avant nomination, datt de Leit aus dem Privaten, déi duerno an d'Fonction publique eriwwerkommen, hir Aarbechtszäit bäigerechent gëtt, ass eng gutt Saach. An et geet an déi richteg Richtung. Et stellt sech d'Fro, inwiefern et retroaktiv ass par rapport zu aneren. Well soss besteet jo de Risiko, datt mer zwou Kategorië vu Leit hunn.

Et gëtt nach aner Saachen, op déi ee kéint agoen: d'Police, justement och de Stage. Do gouf gesot, datt dat an engem anere Gesetz kënnt. Da wäerte mer dat jo och gesinn. Jee, also et ass schonn an déi richteg Richtung gaangen; e bësse mat Krämpes. Ech mengen, et ass och tatsächlech eng komplizéiert Matière. An den Här Graas huet dat wierklech ganz gutt gemaach. A mir wäerten op déi weider Verbesserung gespaant waarden.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. De leschten ageschriwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Merci dem Gusty Graas fir säin exzellente Rapport. D'Piraten si frou, dass d'Verhandlungen tëschent der Gewerkschaft an der Regierung hir Friichte gedro hunn a gi soumat och den Accord zu dësem Gesetzestext.

#### (Éternuement et hilarité)

► **Une voix.**- Gott seen!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. De Fonction-publiques-Minister Marc Hansen.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- Här President, léif Membere vun der Chamber, ech si frou, schonn am Virfeld ze héieren an ze spieren, dass dat heiten e ganz grouse Support gëtt. Ech géif awer dem Rapporteur Gusty Graas e ganz décke Merci soen, deem an déi Technicitéit agaangen ass, dee mir et natierlech da méi einfach mécht. An amplaz nach eng Kéier déi verschidde Punkte vum Gesetz duerchzegoen, kënne mer eis op säi Rapport verlossen, souwuel dee schrëftleche wéi awer och dee mëndlechen, dee mer de Mëtteg elo an der Chamber héieren hunn.

Ech mengen, wat mer hei maachen, nieft alle politeschen Diskussiounen, dat ass, dass mer haaptsächlech och deene Jonken, déi ufänke mat schaffen, déi also matzen dran - an ech zitëiere se nach eng Kéier - an där Rush Hour vum Liewe stinn, dass mer deenen nach eng Kéier entgéintkommen, fir hinnen ze hëllefen a

fir am Ufank och hir Aarbecht richtig wäertzeschätzen, wa se bei den Employeur Staat kommen. Ech mengen, dat ass immens wichteg, dass mer deenen déiselwecht Konditiounen gi wéi de Kollegen, déi dat viru Jore gemaach hunn an déi och à la rigueur bei hinnen an de Servicer schaffen.

Den Employeur Staat huet eng ganz grouss Responsabilitéit hei am Land. Et ass wichteg, dass mer de Secteur public ganz staark hei zu Lëtzebuerg gestalten an dat och déi ganzen Zäit qualitativ héichwäerteg halen.

Den Employeur Staat rekrutéiert enorm, well et och ganz vill nei Missiounen gouf hei an dësem Land an och op europäeschem Niveau, fir d'Reglementatiounen ze suivéieren a fir eist Land och do gutt ze positionéieren. An den Employeur Staat, dee muss natierlech och gutt Leit kënne dobause rekrutéieren. An dat gëtt ëmmer méi komplizéiert. An do musse mer eis natierlech och opstellen. An ee vun deene Punkten, fir och Leit kënne unzézéien, ass dat, wat mer haut maachen, näamlech 80-80-90 ofzeschafe respektiv fir de Stage e bësse méi kuerz ze maachen.

E puer Punkten, déi och am Koalitionsaccord stinn, ginn direkt heimadder dann och ofgeschafft. Do steet, dass mer sollen de Passage privé-public erliichter an dat examinéieren - dat maache mer och schonn direkt mat enger konkreter Mesure - an dass mer eeben och deen 80-80-90 ofschafen an de Stage deementsprechend reduzéieren.

Ech wëll op dëser Plaz awer och, well en och eng Kéier ernimmt ginn ass an dat och sech einfach gehéiert ... Déi Accorden hei goufen ausgedelt op eng ganz gutt Aart a Weis vum mengem Virgänger, dem Dan Kersch. An et ass eeben, well dat och an dem Koalitionsaccord steet, meng Aufgab, fir dat dann och ëmzesetzen a mat Liewen ze fëllen.

Ee Wuert awer och eng Kéier iwwert dee Passage vun dem Privé op de Public, well dat vläicht eng Kéier oder dacks falsch verstane gëtt. Et geet drëm, dass een déi Experienz, déi een aus dem Privatsektor huet, automatesch ganz ugerechent kritt. A fir do kee Mëssverständnis ze kréien: Et geet ëm den Echelon, deem een am Ufanksgrad ka kréien. Et geet also net drëm, fir eng ganz Carrière unzëerkennen.

Mat zéng Joer Experienz, déi hallef ugerechent gëtt, kritt en Agent de sechsten Echelon. Mat zéng Joer Experienz, déi ganz ugerechent gëtt, kritt en den aachten Echelon. Den Ennerscheid an der Pai zwëschen deenen Echelonnen hânt natierlech vum Niveau vun der Carrière of. An et geet vun 8 Points indiciaires am D3 bis 30 Points indiciaires am A1. Fir och eng Kéier e bëssen hei ze erklären, vu wat mer do schwätzen.

Mir hunn elo nach e puer Froen opstoen, drän. Déi seet Folgendes: « Au cas où un agent visé par le présent article toucherait, par l'effet de la présente loi, une indemnité inférieure à celle touchée auparavant, il bénéficie d'un supplément personnel d'indemnité pensionnable correspondant à la différence entre les deux. »

Éischters geet et ëm déi sougenannten „Härfäll“. Do ass d'Fro gestallt ginn, ob et där gëtt. Mir hu probéiert, dass et keng soll ginn, mat deene komplizéierten Texter. Ech géif awer op een Artikel souwisou hiweisen, dee ganz an dem Text och ze fannen ass.

Fir dass eeben duerch dat neit Gesetz kee manner Pai kritt, ass eng Iwwergangsbestëmmung dran. Déi seet Folgendes: « Au cas où un agent visé par le présent article toucherait, par l'effet de la présente loi, une indemnité inférieure à celle touchée auparavant, il bénéficie d'un supplément personnel d'indemnité pensionnable correspondant à la différence entre les deux. »

Dat heescht, dat ass jo am Fong dann deen Textpassage, fir dat ze evitéieren. Mee et muss een awer soen: Dat gëtt natierlech elo komplex an deenen nächste Wochen, fir dat heiten ëmzesetzen, well do si ganz kniwweleg Fäll dran. Ech ginn awer dervun aus, well mer och do gutt qualitativ héichwäerteg ausgebildete Beamte bei eis am Ministère schaffen hunn, dass déi dat esou maachen, wéi dat sech gehéiert.

Ee Wuert awer och nach zu der Fro, wat déi Formatioun ugeet, well ech hu jo och e bëssen an den Diskussiounen gespuert, souwuel déi, déi dobause gefouert gouf, wéi déi, déi awer och an der Kommissioun gefouert gouf, dass dat en Theema war.

Et ass elo hei esou, dass et an enger éischter Phas sollt op 60 erofgoen. Du si mer op 90 Stonnen obligatoresch gefall. Dat ka mat Règlement grand-ducal natierlech nach ëmmer driwwergesat ginn. Dir krut vun dem INAP ganz genee presentéiert, dass et en neit Konzept gëtt. Mir sinn do och net méi an dem Frontalunterrecht. Mir schwätze mat erwuesene Leit. Do brauch een nei Konzepter.

Dat ass e ganz, ganz neie Modell, fir dat ze maachen, soudass mer am Moment net iwwer Quantitéit nëmme solle schwätzen, mee iwwert déi Qualitéit, déi awer do gemaach ginn ass. Dat ass och wëssenschaftlech begleet ginn, fir dat ze maachen, mat Spezialisten aus dem Beräich.

Ech wëilt awer eppes soen, Madamm Adehm, well Dir gesot hutt, Dir bedauert, dass dat e Volet vum Gesetz ass. Mat all Respekt, deem ech fir lech hunn: Dat war en Amendement parlementaire, dass et souguer vu 60 op 90 géif eropgoen. An Dir hutt deem zougestëmmt. Et ass jo elo net, dass et nëmme mäi Wonsch war fir déi 60, mee duerno waren et Amendements parlementaires. Do hutt Dir lech net enthalen. Dat heescht, wann Der awer elo bedauert, dass Der mat deenen 90 Stonnen net d'accord kënnt sinn ... Dir hutt déi selwer natierlech an der Chamberssitzung gestëmmt.

Ech wëll nach ee Wuert awer och soen, wat de Monitoring ugeet.

#### (Interruption)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Minister, erlaabt Der, datt d'Madamm Adehm lech eng Fro stellt?

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- Kee Problem. Dofir sinn ech jo hei.

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Neen, also, mir hunn effektiv do déi 90 Stonne matgedroen. Mee mir hunn awer och ...

► **Plusieurs voix.**- A!

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Jo! Mee ech hu jo ni gesot, dass mir net mat deenen 90 Stonnen d'accord sinn. Da musst Der och vläicht nolauschteren, wat een um Mikro seet.

► **Plusieurs voix.**- O!

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Ech hu gesot, dass mir mat deenen 90 Stonnen d'accord sinn, mee dass d'CGFP oder d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics sech vläicht aner Saache gewënnscht hätt, dass de Staatsrot sech och gewënnscht hätt, dass eng Evaluatioun vun där ganzer Formatioun gemaach gi wier, wéi se bis elo ass. Mir hunn och alleguerten e Brëif kritt vun der Association générale des cadres au sein de la Fonction publique, an deem och si verschidde Saache bemängelen.

An ech hunn ni bedauert, dass dat op 90 Stonnen eropgesat ginn ass. Dat wollt ech just eng Kéier kloerstellen. Mir hunn dat matgestëmmt.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- Wat hutt Der da bedauert?

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Mee dass ni eng Evaluatioun vun där ganzer Formatioun gemaach ginn ass!

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- A! Gutt!

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Et geet ...

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- Mee ech mengen ...

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- ... net ëm d'Quantitéit, mee ëm d'Qualitéit. Well e gutt ausgebildete Beamte kann och eng gutt Aarbecht maachen, Här Minister.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- Genee. Ech si frou, dass Der dat Leitmotiv mat iwwerhuelt.

#### (Brouhaha)

Ech si frou, dass Der dat och esou matdrot, mat der Qualitéit. An ech wëll lech dozou soen: Deen éischte Monitoring, dee gouf et schonn, an zwar vun engem ganz wichtige Akteur. Näamlech déi éischt si jo natierlech schonn duerchgaangen. An ech mengen, dat sinn iwwer 600, 700 Leit, also Staatsbeamten, déi och duerchgaange sinn.

An déi ginn alleguerten duerno ofgefrot, wat se da vun där doter Formatioun halen an ob se eppes dovunner mat ewechdroen, wat se och an hirem Service kënne applizéieren. An dat ass e ganz positive Monitoring, deem do geschitt. Dat ass jo emol schonn en éischten, deem net onwichtig ass.

An ech si mat lech d'accord, dass mer dat natierlech ëmmer solle weider iwwerwaachen. A mer waren eis jo och, mengen ech, an där doter Chamberssitzung (veuillez lire: Kommis-siounssitzung), oder an deenen zwou, déi mer haten, wou mer den INAP presentéiert hunn, iwwert dee Punkt eens.

Ee Punkt nach, well déi Fro gestallt ginn ass, wat d'Gemegebeamten ugeet. Souwäit ech weess, zéien déi jo ëmmer no. Dee Projet de loi ass, mengen ech, deposéiert bei lech an der Chamber. An de Règlement, well et do iwwert d'Gehälter geet, deem ass och an der Prozedur.

► **Des voix.**- En ass an der Interieurskommissioun.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- An der Interieurskommissioun. Jo, jo. Also, an deem Secteur, do gëtt et e Règlement, wat d'Gehälter ugeet. Dat ass och an der Prozedur, fir dat ze adoptéieren. Déi zéie jo normalerweis och an deem dote Kontext no.

Dann hutt Der d'Fro natierlech gestallt, well dat lech och interesséiert huet: Wéi ass et dann elo mat dem Avenant vun dem Accord? Wat hutt Der dann do ëmgesat oder net? An haaptsächlech: Wéi lafen déi Verhandlungen an dem sektorielle Beräich?

Wat den Avenant ugeet, mengen ech, an dat huet de Rapporteur éinescht gesot: D'Allocation de repas hu mer Ufank vum Joer hei an der Chamber gestëmmt. Heimadder setze mer am Fong deen éischte Punkt aus dem Avenant ëm.

An da steet natierlech zu Recht och dran - an dat ass dee leschte Punkt -, dass vu Januar 2019 ass an deen neie Fonction-publiques-Minister sech géif engagéieren, fir mat deenen Associatiounen ze negociéieren iwwert d'Points litigieux, wat d'Reform vun 2015 ugeet. An ech soe just dee Saz, well dat awer net onwichtig ass: « Ces négociations n'engagent aucune-ment le Gouvernement quant à leur résultat et seront menées à issue ouverte. »

Ech kann lech soen, dass ech mat deenen Diskussiounen amgaange sinn. Déi lafen an engem ganz konstruktive Geescht. Et gëtt ronn 63 där Ennerorganisatiounen vun der CGFP. Ech hunn der bis elo scho bannent deenen éischten 11 Méint, wou ech an deem Haus sinn, 48 gesinn. 8 där Reuniounen sinn nach confirméiert bis Enn vum Joer, soudass ech awer praktesch bal an engem Joer emol déi Diskussiounen hunn. An déi lafen. An engem ganz konstruktive Geescht ginn déi iwwert d'Bün, wéi mer déi Diskussiounen féieren.

Natierlech sinn déi Leit, wa se bis bei mir an der Entrevue sëtzen, inspiréiert, fir iwwert dat ewech mat mir ze diskutéieren, wat am Fong am Accord mat ofgemaach ginn ass. Dat heescht, et geet net nëmme iwwer Punkten, déi si an der Reform vun 2015 beschäftegen, mee da schwätze mer e bëssen iwwer alles. An do kënnt Der lech natierlech virstellen, dass ech dat awer dann heiansdo e bësse muss agrenzen, dass mer awer och nach eng Kéier op dee Punkt insistéieren, dass et am Fong iwwert d'Reform vun 2015 geet.

Ech hunn do ganz, ganz interessant Gespréicher. Meeschtens si se konstruktiv. An ech wäert déi och nach weiderféieren an deenen nächste Wochen. Mee, Dir mierkt, mat 48, déi scho passéiert sinn, halen ech mech awer och drun, fir dat esou séier wéi méiglech emol, op d'mannst an engem éischten Tour, eeben duerchzekréien.

Donieft gëtt et Aarbechtsgruppe bei der CGFP, fir och iwwert déi ënnescht Carriären zum Beispill ze diskutéieren. Déi hu sech besonnesch zesummedoen, well et och do eng Etüd gouf, déi ech lech virgestallt hunn an der Chamberskommissioun, iwwert déi Harmonisatioun vun deene verschiddene Carriären. Dat ass net esou evident. Dofir hu si sech och do e bësse regroupéiert, soudass déi Diskussiounen do natierlech nach eng Zäitche wäerten undauern.

Ech mengen, domadder hunn ech e bëssen den Tour gemaach vun allem, wat och nach als Froen de Mëtteg opgeworf ginn ass. Hei maache mer alleguerten haut de Mëtteg eppes fir eng gutt Fonction publique, fir déi ze stärken, an haaptsächlech deene Jonken, mee net nëmme deene Jonken, mee och deenen Neien am Staatsdénsgscht gutt Perspektiven ze ginn, dass



se kënnen am Staat gutt schaffen am Déngscht vum Land, am Déngscht vun de Bierger. An dofir freeën ech mech.

An ech soen lech elo scho Merci, wa mer dat hei mat enger grousser Majoritéit, voire Unanimitéit unhuelen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Madamm Adehm huet nach eng Fro.

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Just nach d'Eisebunner, wou déi dru sinn.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- Jo, d'CFL. Do kann ech lech elo net déi leschten Informatiounen ginn. Normalerweis zéien déi no, mee do sinn ech awer elo net implizéiert an déi Diskussiounen. Dat ass wéi d'Gemeengebeamten, dass déi separat och ëmmer nokommen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An dann nach eng Kéier den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- Kee Problem.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo. Merci, Här President. Ech hat den Här Minister gefrot, ob en eis eppes kéint soen, ob d'Regierung wéilt un deem Bewäertungssystem festhalen, esou wéi en am Abléck existéiert. Do wär ech

frou, wann den Här Minister och kéint op déi Fro äntweren.

Merci.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre de la Fonction publique*.- Dee Bewäertungssystem, wéi en am Moment applizéiert gëtt ... Dat doten ass jo ee vun deene Sujeten, dat ass och ëmmer eng Fuerderung vun der CGFP, déi jo ganz sécher wäerten en vue vun engem nächsten Accord salarial mat mir och doriwwer schwätzen. Wann dat dann de Fall ass, wäert ech kucken, wéi déi Diskussiounen lafen.

A bis dohinner wäert ech elo net haut soen, wéi ech dat schonn dacks gefrot gi sinn an nach ni am Fong eng richteg Äntwert dorobber ginn hunn, ob deen ofzeschaffen ass oder net. Esou wäit si mer net. Dat sinn Diskussiounen, déi an deenen nächste Wochen a Méint wäerten op mech duerkommen, fir dat och mat de Sozialpartner ze diskutéieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Minister Marc Hansen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7418. Den Text steet am Document parlementaire 7418<sup>1</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7418 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Adehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Martine Hansen), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Élvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel,

Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Djuna Bernard) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vott?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

D'Chamber kënnt muer um zwou Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 18.57 heures)**

Sommaire de la séance publique n° 8	
Ouverture de la séance publique	p. 104
Hommage à la mémoire de M. Marcel Mart, ancien ministre	p. 104-105
Communications	p. 105
Ordre du jour	p. 105
Heure de questions au Gouvernement	
- Question n° 70 du 19 novembre 2019 de M. Marco Schank relative à la consultation publique sur la prolongation de l’exploitation des réacteurs de 900 MWe du parc nucléaire français, adressée à Mme la Ministre de l’Environnement, du Climat et du Développement durable	p. 105
- Question n° 71 du 18 novembre 2019 de M. Gilles Baum relative à la situation professionnelle des candidats-professeurs sursitaires, adressée à M. le Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse	p. 105-106
- Question n° 72 du 19 novembre 2019 de M. Sven Clement relative à la discrimination à cause de décisions prises par des algorithmes, adressée à M. le Ministre de la Digitalisation	p. 106
- Question n° 73 du 19 novembre 2019 de M. Marc Angel relative aux procédures et formalités prévues par les statuts de la CNS en cas de changement de sexe, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale	p. 106
- Question n° 74 du 19 novembre 2019 de M. Léon Gloden relative au projet pilote « Skills bridge », adressée à M. le Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire	p. 107
- Question n° 75 du 19 novembre 2019 de M. Charles Margue relative aux révélations de l’étude « Being Black in the EU », adressée à Mme le Ministre de la Famille et de l’Intégration	p. 107
- Question n° 76 du 19 novembre 2019 de M. Gilles Roth relative à la conservation et l’entretien des édifices religieux, adressée à Mme la Ministre de l’Intérieur	p. 107-108
- Question n° 77 du 19 novembre 2019 de M. André Bauler relative à l’avancement du projet « Wunne mat der Wooltz » et ses répercussions sur les infrastructures de la ville de Wiltz, adressée à M. le Ministre du Logement	p. 108
- Question n° 78 du 19 novembre 2019 de M. Félix Eischen relative au financement de la composante aérienne du SAMU assurée actuellement par l’ASBL Luxembourg Air Rescue, adressée à Mme la Ministre de l’Intérieur	p. 108
Heure d’actualité du groupe technique au sujet de l’interdiction portant sur la vente de fourrures au Luxembourg et	
Motion de M. Marc Goergen au sujet de l’interdiction portant sur la vente de fourrure issue d’élevages pendant cette législation	p. 108-112
Heure d’actualité du groupe politique CSV au sujet de l’agriculture et des défis dus au changement climatique	p. 112-116
7443 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 février 2011 sur les réseaux et les services de communications électroniques	p. 116-117
7326 - Projet de loi relatif à l’installation obligatoire de détecteurs autonomes de fumée pour les immeubles comprenant au moins un logement et modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d’assurance	p. 117-118
7418 - Projet de loi portant modification :	
1° de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l’État ;	
2° de la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l’Institut national d’administration publique ;	
3° de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d’avancement des fonctionnaires de l’État ;	
4° de la loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l’État ;	
5° de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d’un Institut de formation de l’éducation nationale ;	
6° de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale	p. 118-122